LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°4811 vum 28. September 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen betreffend Ausfäll vu Busfaahrte beim TICE.

Fir d'éischt ass ze betounen, dass den TICE ee Gemengesyndikat ass, an dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten net ënnerläit. An dem Kontext gëtt de Ministère hei ausschliisslech Informatiounen erëm, déi vum TICE selwer opgestallt goufen.

1.1. Wéi vill Busfaahrten während der Woch (Méindes bis Freides) si beim TICE dëst Joer ausgefall, opgelëscht no Mount?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:

"Déi éischt Woch vum Joer 2026 huet de 5. Januar ugefaangen. Dofir goufen d'Donnéeë fir den Zäitraum vum 5. Januar bis de 5. Oktober 2026 erfaasst. (**Methodologesch Bemierkung zu den Zuele vum TICE**: Eng ausgefale Faart bezeechent de betriblechen Trajet vum Ufanksarrêt bis zum Endarrêt, deen net konnt ugefaange respektiv net konnt fäerdeg gefuer ginn. Deemno goufe **souwuel Komplett-wéi och Deelausfäll mat gezielt**)

Januar	Februar	März	Abrëll	Mai	Juni	Juli	August	September
74	156	218	253	174	277	138	92	173

"

1.2. Wéi engem Prozentsaz vun alle geplangte Busfaarten entsprécht dëst?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:
"

Januar	Februar	März	Abrëll	Mai	Juni	Juli	August	September
18.620	18.620	23.275	17.384	17.384	22.657	18.620	18.620	23.275
0,40%	0,84%	0,94%	1,44%	0,98%	1,23%	0,74%	0,49%	0,74%

Vum 5. Januar 2026 bis den 2. Oktober 2026 sollten, vu Méindes bis Freides, insgesamt 178.455 Faarten duerchgefouert ginn. Dovunner sinn 1.555 Faarten ausgefall.

Dat entsprécht, **0,87%** vun de gesamte Faarte vu Méindes bis Freides."

2.1. Wéi vill Busfaarten si beim TICE dëst Joer weekends ausgefall, opgelëscht no Mount?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:
"

Januar	Februar	März	Abrëll	Mai	Juni	Juli	August	September
40	80	44	15	51	60	104	13	57

"

2.2. Wéi engem Prozentsaz vun alle geplangte Busfaarten entsprécht dëst?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:

“

Januar	Februar	März	Abrëll	Mai	Juni	Juli	August	September
6.220	4.976	4.976	4.976	5.602	4.976	4.976	5.050	4.976
0,64%	1,61%	0,88%	0,24%	0,92%	1,21%	2,07%	0,23%	1,15%

Vum 5. Januar 2026 bis den 2. Oktober 2026 sollten un de Weekender, insgesamt 46.728 Faarten duerchgefouert ginn. Dovunner si 464 Faarten ausgefall.

Dat entsprécht, **0,99%** vun de gesamte Faarten op Weekender.”

3. Wéi gesinn déi selwecht Zuele aus de virëgte Froen fir den RGTR aus, ebenfalls pro Mount a getrennt tëscht Wochendeeg a Weekend?

“**Methodologesch Bemierkung** zu den Zuelen vum RGTR: Déi ënnen opgefouert Zuele baséieren op den an den Exploitatiounssystemer erfaassten Ausfäll vu Busfaarten. Dobäi handelt et sech ëm **komplett ausgefall Faarten**; Verspéidungen oder aner temporär Adaptatioune vum Service sinn **net Bestanddeel** vun dëser Auswäertung.

Fir d'Period vum Januar bis September 2026 ginn déi follgend Zuele fir den RGTR festgestallt:

Wochendeeg (Méindes bis Freides):

Mount	Ausgefale Faarten	Geplangte Faarten	Ausfäll (% vun de geplangte Faarten)
Januar	555	183 801	0,30 %
Februar	322	175 054	0,18 %
Mäerz	422	192 529	0,22 %
Abrëll	417	183 811	0,23 %
Mee	307	160 741	0,19 %
Juni	290	184 414	0,16 %
Juli	251	201 636	0,12 %
August	141	184 484	0,08 %
September	284	193 275	0,15 %
Total	**2 989**	**1 659 471**	**0,18 %**

Weekend (Samschdes a Sonndes) a gesetzlech Feierdeeg:

Mount	Ausgefale Faarten	Geplangte Faarten (Samschdes)	Geplangte Faarten (Sonndes a Feierdeeg)	Ausfäll (% vun de geplangte Faarten)
Januar	61	34 785	14 445	0,17 %
Februar	52	27 828	11 854	0,13 %
Mäerz	33	27 824	1 468	0,11 %
Abrëll	26	27 948	14 828	0,06 %
Mee	27	27 944	23 722	0,05 %
Juni	49	27 964	14 828	0,11 %
Juli	45	27 964	11 867	0,11 %
August	23	28 065	17 795	0,05 %
September	39	28 016	17 795	0,09 %
Total	**355**	**258 338**	**141 819**	**0,09 %**

Am Duerchschnëtt goufen an der Period Januar bis September 2026 pro Mount ronn 332 Ausfäll op Wochendeeg (Méindes bis Freides) registréiert, wat **0,18 %** vun de geplangte Faarten entsprécht. Um Weekend (Samschdes a Sonndes) a gesetzleche Feierdeeg goufen am Duerchschnëtt ronn 39 Ausfäll pro Mount registréiert, wat **0,09 %** vun de geplangte Faarten entsprécht.

Methodologesch Bemierkung zu der Fro 3: Déi uewen opgefouert Zuele baséieren op den an den Exploitatiounssystemer erfaassten Ausfäll vu Busfaarten. Dobäi handelt et sech ëm **komplett** ausgefall Faarten; Verspéidungen oder aner temporär Adaptatioune vum Service sinn **net Bestanddeel** vun dëser Auswäertung. An eenzelne Fäll kënnen d'Auswierkunge vun engem Incident méi Faarten hannertenee betreffen."

4. Wat waren d'Haaptgrënn fir d'Ausfäll beim TICE a wéi vill vun dësen Ausfäll waren op ee Mangel u Fuerpersonal zeréckzeféieren?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:

"Beim TICE ginn et fënnef Kategorien, an deenen d'Ursaache vun den Ausfäll u Faarten erfaasst ginn:

a) Personalausfäll.
b) Problemer mam Bus.
c) Organisatoresch Virfäll.
d) Verspéidungen.
e) Problemer mat Passagéier.

a) Personalausfäll

Personalausfäll entstinn, wann am operationellen Dagesgeschäft den Ausfall vun engem Agent de transport dozou féiert, datt déi disponibel Personalreserve komplett opgebraucht gëtt.

An deem Fall steet keen Agent de transport méi zur Verfügung, fir den Ausfall vun engem aneren Agent ze kompenséieren. Dëst kann dozou féieren, datt geplangte Faarten net méi duerchgefouert kënne ginn an ausfale mussen.

b) Problemer mam Bus

Ënnert dës Kategorie falen all technesch oder aner Problemer um Bus, déi dozou féieren, datt d'Sécherheet vun de Passagéier net méi garantéiert ass an d'Faart dowéinst muss ausfalen. Esou Problemer kënnen esouwuel beim Depart wéi och ënnerwee optrieden.

Wann e Problem beim Depart op der Gare zu Esch-Uelzecht optrëtt, ass d'Chance grouss, datt de Bus duerch en anert Gefier ersat ka ginn an d'Faart doduerch trotzdeem duerchgefouert gëtt. Trëtt de Problem dogéint op engem Terminus, wéi zum Beispill zu Déifferdeng, op, kann et sinn, datt keen Ersatzbus disponibel ass. An deem Fall kann d'Faart net duerchgefouert ginn a muss ausfalen.

c) Organisatoresch Virfäll

Ënnert dës Kategorie fält eng grouss Villfalt vun Evenementer an aussergewéinlechen Ëmstänn, déi dozou féiere kënnen, datt eng Faart net duerchgefouert ka ginn.

Dëst geet vun Accidenter a Stau iwwer Manifestatiounen a Stroossespären, zum Beispill wéinst engem Hausbrand, bis hin zu gewalttätege Virfäll, Iwwerfäll mat Schosswaffen oder Blockaden duerch Piqueten op der Strooss.

Esou Situatioune kënnen den normale Betribsoflaf staark beaflossen an dozou féieren, datt eenzel Faarten oder ganz Linnen temporär net bedriwwe kënne ginn.

d) Verspéidungen

Verspéidunge ginn dacks duerch en héicht Verkéiersopkommes oder duerch Accidenter verursaacht, déi Stroossespäre mat sech bréngen. Dëst ass besonnesch de Fall, wann d'Police, d'Ambulanz oder d'Pompjeeën am Asaz sinn an de Verkéier doduerch behënnert gëtt.

Och den alldeegleche Beruffsverkéier, besonnesch moies um Wee op d'Aarbecht an owes um Wee heem, kann zu staarke Verspéidunge féieren.

Wann d'Verspéidungen esou grouss ginn, datt eng Faart net méi sënnvoll oder net méi am geplangte Betribsoflaf duerchgefouert ka ginn, kann et dozou kommen, datt dës Faart ausfält.

e) Problemer mat Passagéier

An dëser Kategorie ginn déi Fäll erfaasst, bei deenen d'Verhale vun de Passagéier oder gesondheetlech Problemer vun eenzele Passagéier dozou féieren, datt eng Faart ënnerbrach oder komplett annuléiert muss ginn.

Dobäi sinn zwou Haaptsituatiounen ze ënnerscheeden:

- Gesondheetlech Problemer: Passagéier, déi wärend der Faart medezinesch Hëllef brauchen an op d'Ënnerstëtzung vum Chauffeur ugewise sinn. Jee no Situatioun kann et néideg sinn, d'Faart ze ënnerbriechen oder ausfalen ze loossen.

- Problemer duerch d'Verhale vu Passagéier: Situatiounen, an deenen d'Verhale vun engem oder méi Passagéier esou problematesch ass, datt dës aus dem Bus begleet musse ginn. An de bis elo erfaasste Fäll war dobäi d'Ënnerstëtzung vun der Police néideg.

Esou Virfäll kënnen den normale Betribsoflaf stéieren an dozou féieren, datt eng Faart net wéi geplangt ofgeschloss ka ginn.

Grond vun den Ausfäll u Faarte vum 5. Januar 2026 bis den 02 Oktober 2026:

Mo – Fr sinn 1.555 Faahrten ausgefall :	Sa – So sinn 464 Faarten ausgefall :
287 Faarten wéinst Personalausfäll.	82 Faarten wéinst Personalausfäll.
285 Faarten wéinst Bus Problemer.	60 Faarten wéinst Bus Problemer.
419 Faarten wéinst organisatoreschen Virfäll.	289 Faarten wéinst organisatoreschen Virfäll
552 Faarten wéinst Verspéidungen.	33 Faarten wéinst Verspéidungen.
12 Faarten wéinst Passagéier Problemer.	0 Faarten wéinst Passagéier Problemer

Am Ganze goufen an dëser Period 225.183 Faarte programméiert. Dovunner sinn 2.019 Faarten entweder guer net oder nëmmen deelweis duerchgefouert ginn. Dat entsprécht engem Undeel vun **0,90 %** vun alle programméierte Faarten."

5.1. Wéi oft dëst Joer, opgelëscht pro Mount, hu beim TICE Buschaufferen, déi laut hirem Déngschtplang fräi haten, missen zeréckgeruff ginn, fir aner Schichten z'iwwerhuelen?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:
"

Januar	Februar	März	Abrëll	Mai	Juni	Juli	August	September
24	84	63	105	105	210	286	235	208

"

5.2. Wéi huet sech d'Gesamtzuel vun de Réckriff am Verglach mat 2024 an 2025 entwéckelt?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:
"

	Jan	Feb	Mär	Apr	Mai	Jun	Jul	Aug	Sep	Okt	Nov	Dez	Réckriff
2021	6	15	91	69	54	92	148	190	185	214	102	173	1.339
2022	122	8	100	103	243	262	212	232	258	294	83	169	2.086
2023	7	33	104	193	259	268	141	97	64	77	30	77	1.350
2024	38	21	48	39	137	155	43	7	17	5	17	60	587
2025	45	17	2	54	149	96	19	7	18	55	98	48	608
2026	24	84	63	105	105	210	286	235	208				1.320

Et ass ze bemierken, datt d'Unzuel vun de Réckriff direkt mam Stand vun de Krankmeldungen zesummenhänkt. Generell gëllt: Wat méi Krankmeldungen et gëtt, wat méi Réckriff néideg sinn, fir de Betribsoflaf an den ëffentlechen Transport sou gutt wéi méiglech oprechtzeerhalen.

An de Méint Juni, Juli, August a September louch de Krankmeldungsstand tëschent 4 % a 6 % iwwer de Wäerter vum leschte Joer. Bei engem Bestand vun 316 Chaufferen entsprécht dëst rechneresch ongefeier 12 bis 19 zousätzlech krankgemellte Chauffere pro Dag, jee no Mount an op Basis vun der jeeweileger Referenz.

Dës Entwécklung erkläert zum Deel déi héich Unzuel u Réckriff an deene Méint, well duerch déi verstäerkt Krankmeldungen déi disponibel Personalreserven zousätzlech belaascht goufen. Doduerch ass et méi dacks néideg ginn, op Réckriff zeréckzegräifen, fir déi geplangte Faarten ofzesécheren."

5.3. Wéi vill geplangte Busfaarten hätten ouni dës Réckriff net kënne gefuer ginn?

Vu Säite vum TICE, sinn dem Ministère zu dëser Fro follgend Informatiounen iwwermëttelt ginn:

"Pauschal kann ee soen dat den TICE 931 Faarten den Dag huet. Déi gi prinzipiell an der Woch vu Méindes bis Samschdeg vun 172 Déngschter gefuer. Dat mécht un sech een Duerchschnëtt vu 5,4 Faarte pro Déngscht.

Sonndes ginn 62 Déngschter gebraucht vir 313 Faarten, dat gëtt een Duerchschnëtt vu 5 Faarten pro Déngscht.

Vum 1. Januar 2026 bis den 30. September 2026 goufen et am ganzen 1.320 Réckriff (mat enger Moyenne vu 5 Faarten pro Réckruff) an deemno theoretesch 6.600 Faarte vun am Ganzen 225.183 Faarten déi net hätt kenne gefuer ginn (2.93%)."

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes